LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2401 vum 3. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wéi vill Persounen an deenen eenzelne Steierklassen bezuelen aktuell méi Steieren, ewéi se un Allocatiounen a Servicer erëmkréien? Aneschters gefrot, wéi vill Stéit sinn Nettosteierzueler?**

Vu d'Unzuel un Allocatiounen a Servicer (dorënner och « gratis » Servicer), déi hei missten a Betruecht gezu ginn, ass et net méiglech belaaschtbar Aussoen iwwer d'Unzuel vun Netto-Steierzueler ze maachen.

Un Hand vun de Zuele vun der Steierverwaltung fir d'Steierjoer 2022 (état d'imposition = 95%) a just ënner Berücksichtegung vun de verschiddenen Steierkreditter, de Steierkredit fir Mindestlounempfänger an aner Allocatiounen oder Servicer ausgeholl, sinn ongeféier 66% vun de Stéit an der Steierklass 1 Nettosteierzueler (Steier > 0€). An der Steierklass 1A beleeft sech dëse Prozentsaz op ronn 54% an an der Steierklass 2 op ronn 90%.

2. **Wéi vill Steierzueler sinn (de leschte verfügbaren Zuelen no) an der Steierklass 1a a wéi verdeelen dës Stéit sech op déi eenzel Ënnerkategorien**


   **1. les personnes veuves,**

   **2. les personnes qui bénéficient d'une modération d'impôt pour enfants,**

   **3. les personnes ayant terminé leur 64e année au début de l'année d'imposition.**

Fir d'Steierjoer 2022 sinn 114.690 Stéit an der Steierklass 1A, dovunner sinn 39.119 Wittleit, 40.472 Stéit, déi eng Steiermoderatioun fir Kanner kréien a 67.213 Persounen, déi hiert 64. Liewensjoer um Ufank vum Steierjoer ofgeschloss haten.

Wéi de Schema hei drënner weist, kënne sech verschidde Stéit an enger, zwou oder dräi vun den uewe genannte Kategorië befannen. Esou sinn zum Beispill 32.440 Leit souwuel Wittleit wéi och Persounen iwwer 64 Joer.



Vun den 114.690 Stéit an der Steierklass 1A sinn der 1.959, wou déi gefroten Opspléckung an eng vun deenen 3 Kategorien net ka gemaach ginn, dëst sinn zum Beispill Persoune wou all d'Kanner vum Stot eng Bourse vum Staat fir héijer Studie kréien.

3. **Wéi vill Steieren bezuelen déi eenzel Ënnerkategorien vun der Steierklass 1a (Total, Duerchschnëtt a Median fir dat lescht Joer, wou Donnéeen verfügbar sinn)?**

Am Tableau heidrënner sinn déi gefroten Donnéeën fir d'Steierjoer 2022:

| Wittleit | Stéit mat enger Steiermoderatioun fir Kanner | Persounen >64 Joer | Total (an Euro) | Moyenne (an Euro) | Median (an Euro) |
|---|---|---|---|---|---|
| Nee | Jo | Jo | 2.527.066,29 | 12.635,33 | 5.978,44 |
| Nee | Jo | Nee | 309.860.725,10 | 7.960,05 | 1.532,24 |
| Nee | Nee | Jo | 151.712.139,20 | 4.398,98 | -396,00 |
| Nee | Nee | Nee | 7.175.258,90 | 3.657,11 | -111,03 |
| Jo | Jo | Jo | 1.197.798,40 | 13.611,35 | 12.231,91 |
| Jo | Jo | Nee | 11.107.656,71 | 8.836,64 | 3.753,02 |
| Jo | Nee | Jo | 168.076.190,20 | 5.180,98 | 578,40 |
| Jo | Nee | Nee | 19.007.234,98 | 3.563,41 | -834,90 |

Lëtzebuerg, de 5. August 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth